N°890
Entrée le 14.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Schoulreesen mat engem pädagogeschen Interessi (z.B.: Besuch vun engem Musée, kulturell Entdeckung vun enger Stad, ...), mat oder ouni Iwwernuechtung(en), sinn zënter jeehier Deel vun der edukativer Traditioun zu Lëtzebuerg. Bei dëse Reese ginn d'Schüler vu verschiddenen Enseignantë begleet, déi d'Missioun hunn, souwuel d'disziplinär Opsiicht iwwer d'Kanner ze garantéiere wéi och hinnen déi néideg pädagogesch Betreiung ze bidden. Wärend e puer Ubidder (z.B.: Muséeën, Jugendherbergen, ...) heiansdo eng "Schoulgrupp" Formel ubidden, wou eng gewëssen Unzuel u Schülertickete Recht op e gratis Entrée fir Enseignantë gëtt, ass dat net ëmmer de Fall fir all Ubidder.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn d'Schoulreesen an d'Ausland, déi e pädagogeschen Interessi hunn, vun Natur hir als Déngschtreese fir d'Enseignanten ugesinn, wéi am Règlement grand-ducal du 14 juin 2015 sur les frais de route et de séjour ainsi que les indemnités de déménagement des fonctionnaires et employés de l'État?

2. Kann den Här Minister bestätegen, datt d'Enseignanten e Recht op d'Réckerstattunge vun den effektiv entstane Käschten hunn, fir d'Schüler kënnen ze begleeden (z.B.: d'Tickete fir déi virgesinn Aktivitéite wärend dëse pädagogesche Reesen)?

3. Bleift den Enseignant géint Aarbechtsaccidenter gedeckt wann hien d'Schüler bei dëse Schoulreesen begleet?

4. Sinn d'Äntwerte vum Här Minister op déi virdru gestallte Froe fir all d'Klassen aus de ëffentleche Schoulen, also ESG, ESC an ESE nämmlecht gülteg? Wann nee, wéi eng Ënnerscheeder gëtt et hei?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 890 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

**Ad 1)**

Schoulreese ginn als pedagogesch Aktivitéit ugesinn a berouen – wat d'Participatioun vun Enseignantë betrëfft – um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet. Fir d'Enseignantë gëllen se deemno net als Déngschtreesen am Sënn vum *Règlement grand-ducal du 14 juin 2015 sur les frais de route et de séjour (...) des fonctionnaires et employés de l'État*.

**Ad 2)**

Am Enseignement fondamental ginn d'Schoulreese vun de Gemengenautoritéiten a Collaboratioun mam Léierpersonal organiséiert. D'Gemengen iwwerhuelen an dësem Kontext d'Transportkäschten esouwéi zusätzlech Fraisen, déi duerch d'Participatioun un enger pedagogescher Aktivitéit (z. B. Ticketen) ufalen.

Am Enseignement secondaire ginn d'Schoulreese vun de Lycéeën organiséiert. An der Reegel kommen d'Enseignantë selwer fir d'Käschten op, déi dobäi entstinn.

**Ad 3)**

Laut dem Artikel 1 vum *Règlement grand-ducal modifié du 17 décembre 2010 concernant l'assurance accident dans le cadre de l'enseignement précoce, préscolaire, scolaire et universitaire*, deckt d'Assurance accident nieft dem Enseignement och déi sougenannten *activités connexes* of; dorënner falen ausdrécklech och d'Schoulreesen.

**Ad 4)**

Am Beräich vum Enseignement secondaire gi bei der Organisatioun vu Schoulreese keng Ënnerscheeder tëscht deene verschiddenenen Ordres d'enseignement gemaach.

Lëtzebuerg, de 6. August 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH